

VUM BALKAN ERËM HEEM OP LËTZEBUERG.

→ Ufanks vum Joër 1945 huet méng Kompanie ^{war ech an enger} nach zu Radece a Slowenië ^{de} geleen. ^{luch} Mir waren zimlech vun der Welt ofgeschnidden (kee Radio a keng Zeitung). Ech war awer gewuer gin datt d'Preisen erëm an eis Hemecht agefall waren. Enn Dezember stong ech eng Kéier op Poste wéi eise Kompaniechef, den Hauptmann KRISTINUS bei mech kënnt a seet: *Na RASSEL, jetzt sind wir wieder bei Ihnen zuhause!* Ech war wéi virum de Kapp gestouss an hat eng onheemlech Roserei am Bauch. Wéi gesäit et elo zu Woltz aus a wat as mat méngen Eltere geschitt, besonnesch mat ménger Mamm déi jo esou krank war, an dat alles matzen am Wanter? Ech wousst ménger Hänn kee Rot méi a konnt nëmmen nach bieden, wat ech dun och ganz intensiv gemaach hun. Deen Ament hat ech ewell zënter dem August kee Bréif méi vun doheem kritt. Ech hat deemools nach Bréiwer u méng Eltere geschriwwen, déi koumen am Spéithierscht erëm mam Vermierk *Zur Zeit nicht zustellbar*. Am leschte Bréif, dee méng Mamm mir geschriwwen hat, stong dran: ...elo grad gët hei am Wéineberig geplënnert: d'Gielemännerchesfamiljen aus eiser Strooss gi mat Sak a Pak *heim ins Reich* befördert. Oh Pierre, hätte mir dech dach nëmmen erëm heiheem, wat gët dat elo nach hei...!

~~Den 1. Januar 1945 war ech zum Gefreiten avancéiert, mee dat huet mech natiirlech rosewéineg interesséiert. Ech hat ganz aner Suergen.~~

Deemools as och eppes geschitt dat mir d'Liewe gerett huet. Eis Kompanie huet misse stënterlech untrieden. De KRISTINUS huet äis informéiert, datt 1/3 vun der Kompanie direkt zréckkéim op Leoben an de Stambataillon. Du goufen d'Nimm opgeruff vun dese Leit, an ech war och derbäi. Nieft mir stong ee Komerod, deen no bei Leoben doheem war an net op der Lëscht war. Hie war ganz traureg doriwwer. Ech hat awer een ongutt Gefill an hun e gefrot, ob mir net sollten tauschen. Hie war direkt averstan, a mir sin an d'Schreifstuf gaang fir eist Uleies virzebréngen. *Kein Problem*, sot de *Schreibstubenhengst*, mäin Numm gouf gestrach a säi kouw an d'Plaz. Deeselwechten Dag nach goufe si an d'Waggône gelueden a sin a Richtung Steiermark gefuer. Ongeféier ee Mount dono si mir gewuer gin, datt des Komeroden direkt an enger Marschkompanie an der Géigend vum Plattenséi an Ungarn zum Asaz koumen. Si goufe vun de Russen iwwerrannt an total opgeriwwen, et koum kee mam Liewen dervun! Dës Noriicht huet eis Stëmmung faméis gedréckt, et ware jo eis Komerode gewiescht. Ech sot dem Härgott villmools merci dofir datt ech verschout gi war, dat war fir mech keen Zoufall mee göttlech Féierung a Gnod.

Kuerz dono ^{zu} mir awer ^{gekommen} de Plonner gemaach a sin ca 15 km nördlech vu Radece op Trbovlje marschéiert. Dat war ee gréissert Duerf mat Industrie, awer et stong bal alles stëll well dee gréissten Deel vun de Männer bei de Partisanen an de Bierger waren. Esou war et iwwregens a ganz Sloweniën. Och zu Trbovlje huet eis Eenheet, de Bataillon NEUSCHUETZER (nom Numm vum Majouer), Spährtruppaktiounen ënnerholl. Mir sin dann zu 40-50 Mann (dat war een Zug) an d'Bierger gaang fir d'Partisanen an de Bëscher an op entleëne Bauerenhäff opzedreiwen. Mir koumen och dacks mat hinnen a Beréierung, mee si waren ëmmer am Virdeel, well si hun äis meeschtens schons erwaart, si haten iwwerall *Späher* an d'Awunner aus der Géigend stongen natiirlech all op hirer Säit. Mir sin ëmmer an enger Schlaang gaang. Op eemol huet et da geklaakt, mir woussten emol dacks net, vu wou d'Schëss hierkoumen. Esou hate mir eng Kéier zwee Mann aus ménger Grupp (néng Mann) op ee Coup verluer, de Magnus SCHRAMM aus Thüringen as jhust viru mir gaang, du brécht en zesummen a fällt mir hannerzéch an d'Äerm. Hien hat eng Kugel riicht an d'Häerz kritt a war op der Plaz dout. Eise

1/2
x luv-ech mech gud mach méngem
Zugführer verstanden

Gruppenführer, den Obergefreiten Alfred WERILLI - ee Biergbauer vun engem Haff op 1200 m an der Steiermark, Papp vun aacht Kanner - krut gläich drop eng Kugel an d'Haupschlagoder uewen an d'Been, d'Blutt koum erausgestrutzt, hien deet Kreesch a fällt em. En huet nach eng Minutt laang mat den Äerm ronderëm sech geschlon, du war en dout. Mir aner louchen all flaach um Buedem, 't war keen esou king de Kapp ze hiewen, alles war roueg. Du sin der e puer vun enger anerer Grupp vun der Sait dohinner gelaf wou d'Schëss hierkoumen. Do war d'Gras néiergetréppelt, e puer Äscht ofgebrach an eidel Patrounenhülse louchen do, mee d'Partisanen hate sech a Loft opgeléist. Dat war hir Taktik, dogéint waren d'Preise machtlos. Mir hun eis doudeg Komeroden op d'Mulië gelueden a sin emgedréit. Keen huet ee Wuert geschwat, mir waren all déif schockéiert an ech hat eng gewalteg Flemm. Esou Tëschevall hate mir op d'mannst eemol d'Woch, natiirlech all Kéier een aneren Zug. Iwwregens ~~mäin Zugführer war den Oberfeldwebel Max WEIGLMEIER vun Amberg/Bayern. E gudden Zaldot E.K.1 Nahkampfspange, sëlwer Verwontenofzeechen, Narvikkämpfer, awer och e léiwe Mënsch mat vill Häerz, ech war gutt bei him ugesin an e bëssche sai Fif.~~ Hie woussst och wat ech geduecht hun. Mir goufen awer och agesat fir d'Eisebunn ofzesécheren, d'Streck Laibach-Agram as iwwer Zidani Most gaang, do si mir dann um Militärmaterialzuch matgefuer als Begleitschutz. Virun de Lokomotiwe sin eng hallef Dose Waggône mat Sand a Steng gespaant gi fir d'Lokomotiwen ze schoune wann d'Schinne sabotéiert waren oder eng Minn do louch. Ech war zweemol op esou engem Zuch wa mir vu Jaboën ugegraff goufen, dat war ëmmer eng ganz schlëmm Saach, mee ech hat all Kéier ganz vill Chance. Si haten et ëmmer op d'Lokomotiwen ofgesin, an eemol war ech bei esou enger Attack op dem éischte Waggôn jhust hannert der Maschinn, du war et awer ganz neleg laanscht den Heldendout gaang, ech dærf guer net méi drun denken!

Dës Transporter vun Truppen a Material haten ëmmer déi selwecht Richtung, nämlech no Norden *heim ins Reich*. Et war wiirklech ee groussen Deel vun de schwéiere Waffen deen ewechtransportéiert gouf, dorun hu mir gesin datt eppes net méi géif stëmmen, awer et huet kee Mënsch doriwwer geschwat.

D'Deeg sin eriwwer gaang, mir ware schons am Abrëll. Du koum de *Führergebuertstag*, d'ganz Kompanie stong am Carrée. De *Bataillonskommandant* Major NEUSCHUETZER huet eng Ried gehalen an där en eppes gefaselt huet vu Wonnerwaffen déi elo zum Asaz kéimen an datt d'Blat sech géif dréien, mir sollten nëmme Vertrauen an de *Führer* an an d'*Wehrmacht* hun, da kënnt näischt schif goën. Ech hu bei mir geduecht: wéi kann ee Mënsch mat Verstand nëmme esou ee Kabes verzapen? Ech hun awer gemierkt, datt der vill sech hir ege Gedanke gemaach hun. E puer Deeg dono huet een anuecht geholl, datt d'Situatioun sech géif zouspëtzen, well mir sin net méi op *Spähtrupp* gaang. Eemol an der Nuecht gouf et Rämmidämmi, et si Schëss a Kreesch gefall (Et war du schons ufanks Mee). Mir sin all erausgelaf, de Kompaniechef huet versicht séng *Ënneroffizéier* z'erreechen, et war een Duerchernee sonnergläichen. De KRISTINUS gesäit mech a seet, ech soll mäin *Ënneroffizéier* erbäibréngen. Ech fannen deen och, hien huet eng Pistoul am Grapp, dréckt mir de Laf op d'Broscht a birelt ob ech och ee vun de Meuterer wir. Ech hat keng Ahnung an hun him gesot, de Kompaniechef géif no him sichen. Dun huet en d'Pistoul ^{anuecht geholl} gesenkt an as dohinner gelaf. Mir kruten den Uerder, erëm hannescht an d'Haus ze gon, ech konnt awer déi Nuecht net méi schlofen. Deen anere Muere si mir gewuer gin datt ee vun den *Ënneroffizéier* erschoss gi war an datt de Mäerder bei d'Partisanen iwwergelaf war. An der Schreifstoff gouf den *Ënneroffizéier* an enger Lued opgeboort mat Blumme ronderëm. Dun am Nomëtteg huet et geheescht: *fertigmachen mit Allem zum Abmarsch*. An hei elei, ech sollt méngen An net trauen: do stong jo net eise KRISTINUS mat Partisaneparlamentären, déi haten e wäisse Fändel bei sech. An de Stroossekapellen - där

1/3

E fuer Tisch Mensch
an dann ziele min
wieder
wei gesch' de Ku
war an

gouf et ganz vill - stonge Biller vum TITO an et hu Käerze gebrannt. Mir hun äis mat eise Saachen a Waffen a Bewegung gesat an ech wouss: elo as de Krich aus! Ech hat nëmnen nach ee Wonsch: esou séier wéi méiglech aus deem verdammte Jugoslawiën erauszekommen. Mir sin no Norde gaang, awer net méi als *Feldtrupp*, mee jidderee fir sech. D'Ënneroffizéier hu sech guer net méi em äis gekëmmert. Owes si mir an eng Scheier gekroch, an du si mer op Celje komm. Déi ganz Stad war voller Zaldoten, zéngtausend op d'mannst. Laang Kolonnen Autoën a Kamiõnen an aner Gefierer si mat Kaméidi a Gedäisch vun hire Besatzungen an d'*Savinja* gestouss gin, déi laanscht d'Strooss 20m méi déif gelaf as. Et war dee rengste Chaos! Op eemol gesin ech eise Kompaniechef an engem *Kübelwagen* stoën, et war den 10. Mee 1945 (deen Dag krut ech 21 Joër, et war kee schéine Gebuertsdag!), du rifft en: *HEIL HITLER, Männer, legt die Waffen nicht ab!* Hien hat esouguer nach säi gëllent Parteiofzeechen un. Den HITLER war dun awer schons zéng Deeg dout, mee eisen Zockerbäcker vun Innsbruck wollt dat net wouer hun. Ech hat awer ënnerwee op eisem Marsch eng Zeitung gesin déi nach ufanks Mee vun de Preisen zu Maribor (Marburg an der *Drau*) gedréckt gin as, do stong um Titelblat mat fette Bustawen: **DER FUEHRER FAND GESTERN IN BERLIN DEN HELDENTOD.** Ech hu mäi Gewier bei enger Hausdir ofgestallt a mäi Bajonett mam Koppel a Munitiounstäschen hun ech an d'*Savinja* gehäit. Dun hun ech mech emol erëm als Mënsch gefillt a si virumarschéiert Richtung Karawanken. Vill anerer hun et och esou gemaach.

Op eemol koume mir op eng Kräizung do stonge vill Partisanen. Déjéineg vun äis, déi keng Waffe méi hate sin op eng Niewestrooss dirigéiert gin, déi mat de Waffe si stolz op der Hauptstrooss no Norde bliwwen. Wéi mir ongeféier 1 km um Niewewee gaang waren, hu mir äis op Uerder vun de Partisane missen an de Stroossegruef sëtzen. Op eemol as eng wëll Schéisserei lassgaang aus där Richtung vu wou mir komm waren. Dat huet vläicht zéng Minutte gedauert, du war et roueg. Géint der Owend - et war schons däischter - hun d'Partisanen äis erëm op d'Hauptstrooss zréckgeféiert, du koume mir an een ^{Be} ~~Defilé~~ (op den zwou Säite vun der Strooss ^{Wasser} Bierger) eng richtig Mausfal. An do louchen all déi, déi hir Waffe behalen haten. Et war ee grujhelegt Bild! De Mound stong um kloren Himmel, iwwerall louchen Doudeger, een iwwer deen aneren, et muss eng schrecklech Panik gewiescht si wéi déi honnerte vun Mënsche do massakréiert goufen! Wann ee bedenkt: de ganze Krich hate se mat vill Chance iwwerstan, an dann um Enn hu se op esou eng Manéier missen dru glewen. Mir hu missen iwwert a laanscht déi Gefale goën. Een hat nach ee Kammësbroun an der Hand. Ech hu mer dat matgeholl, well fir z'iessen hate mir näischt, nëmme wat mer nach kritt haten ir mer opgebrach waren, an dat war schons dräi Deeg hier! Mir hun ënnerwee geschlof wou mir grad waren, et war halwe Mee, an d'Wieder war gutt. Den Dag drop goug et virun. D'Strooss war voll Militär um Wee fir an Eisterräich. Keen hat méi eng Waff. D'Partisane waren och iwwerall. Si hun äis goë gelooss. Op eemol gesin ech um Stroosserand een Zelt stoë mat engem lëtzebuenger Fändel drop (oder war et een hollänneschen?). D'Zelt war eidel. Ech sëtze mech derniewent a waarden. No zéng Minutte kënnt een op engem Päerd geridden a klëmmt bei mir erof. Ech froë vu wou datt hie wier, an e seet vu Lëtzebuerg! Ech sin iwverglécklech, elo hat ech ewell ee ganzt Jor kee Wuert Lëtzebuergesch méi héieren. Ech sin den Erny WEBER vun Uewerdonven, seet hien, an ech stelle mech och vir. Den Erny sot, en hätt sech dat Päerd «organiséiert», mee du koum een Trapp Kosacke geridden an hun d'Päerd nees matgeholl. (~~Dat waren der vun der Vlassawarméi déi op der Säit vun de Preise waren~~). Da musse mer eise Plonner alt erëm selwer droën, sot den Erny, a mir hun äis zesummen op de Wee gemaach. D'Zelt war kleng, mee ech war awer frou datt mir een Ënnerdaach hate wann et Reen géif, an dee koum dun och, an net ze

knapps. Wi'ech wieder geht ziele min den nächste Mënden um 6 Puer